N°33
Entrée le 23.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Am Fall vun schwéieren Krankheeten oder Accidenter kann een als Aarbechter:in ganz séier vill Deeg a Wochen Krankeschäin sammelen. Momentan gëllt, dass d'CNS bis zu 1,5 Joer Krankeschäin op enger Referenzperiod vun 2 Joer bezillt. Duerno erfällt beim Staat eng Kënnegung. Eppes wat zum Beispill d'AEE kritiséiert, well et dozou féiert, dass dës Persounen net méi kënnen zréck bei de Staat schaffe kommen, wann se erëm gesond sinn. D'Regierung kënnegt an hirem Accord fir 2023-2028 un, dëst Gesetz reforméieren ze wëllen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi vill Persoune sinn an deene leschten 10 Joer beim Staat entlooss ginn opgrond vun der 52 an duerno 78 Wochen-Reegel? Wéi vill Leit waren et am ale Regimm vun den 52 Wochen? Wéi vill an dem vun 78 Wochen?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Députéierten